

# SANDWEILER Aktuell

09-2022 09.09.2022

## Schoulrentrée de 15. September

Geschwënn ass d'Schoulrentrée. Bei de Schoulen an iwwerall soss am Duerf ass deementspriechend Virsiicht op de Stroossen ugesot. Et ass absolut noutwendeg sech nees un d'Kanner unzepassen déi um Schoulwee ënnerwee sinn.

Kanner an hirem éischte Schouljoer si besonnesch betraff. Am jonken Alter vun dräi Joer erkennen se d'Gefore vum Stroosseverkéier nach net wierklech. Fir kleng Kanner ass alles nei a faszinéierend an hire Mangel un Erfarung mécht se vulnerabel.

Well ab dem 15. September d'Schoulkanner erëm ënnerwee sinn, ruffe mir d'Automobilisten dozou op, **besonnesch gutt opzepassen**.

## Rentrée scolaire le 15 septembre

La rentrée scolaire arrive à grands pas. Il faudra donc être prudent aux abords des écoles et partout dans le village. Il est indispensable de s'adapter aux enfants qui sont sur le chemin de l'école.

Les nouveaux écoliers méritent une attention toute particulière. Ils ont tout juste atteint l'âge de trois ans et ne connaissent pas encore les dangers de la circulation. Pour ces petits mômes tout est nouveau et fascinant et leur manque d'expérience les rend vulnérable.

Une **prudence particulière** est conseillée aux automobilistes à partir du 15 septembre, grande journée de la rentrée scolaire.




Škoda Tour Luxembourg

Règlement relatif à la tenue de chiens

GEMENG SANDWEILER

18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66
www.sandweiler.lu

## Alkleedersammlung den 23. September

Mir invitéieren d'Awunner vu Sandweiler a vum Findel d'Plastikstut (déi mat dëser Ausgab verdeelt ginn ass) mat hiren ale Kleeder a Schong ze fëllen, an se fir de Freideg den 23. September um Trottoir ofzestellen. E Camion sammelt d'Tuten **ab 8 Auer moies** an.

Wann Dir zousätzlech Tute braucht, kënnt Dir och aner Plastikstute benotzen. D'Kleeder ginn all recycléiert.

## Ramassage de vieux vêtements le 23 septembre

Nous invitons les habitants de Sandweiler et Findel de remplir le sac en plastique (distribué avec cette édition) avec leurs vieux vêtements et chaussures et de le déposer sur le trottoir pour le vendredi 23 septembre. Un camion viendra les chercher **à partir de 8 heures du matin**.

En cas de besoin, vous pouvez aussi utiliser d'autres sacs que ceux qui ont été distribués. Tous les vêtements seront réutilisés.




## Škoda Tour Luxembourg zu Sandweiler den 13. September vun 12 bis 13 Auer

D'Organisateure vum „Škoda Tour Luxembourg" setzen dëst Joer verstärkt op d'Sëcherheet. All d'Stroosen, duerch déi d'Cyclisten duerchfueren, gi **komplett fir den Trafic gespaart**. Den 13. September tëschend 12 an 13 Auer fier den Tour duerch folgend Sandweiler Stroossen:

- rue de la Vallée
- rue de la Montagne
- rue Belle-Vue
- croisement avec la rue Principale
- rue Hiel
- rue d'Itzig
- croisement «Schaedhaff»

## Škoda Tour Luxembourg à Sandweiler le 13 septembre de 12 à 13 heures

Les organisateurs du « Škoda Tour Luxembourg » misent davantage sur la sécurité cette année. Toutes les rues empruntées par les cyclistes **seront complètement fermées au trafic**. Le 13 septembre entre 12 et 13 heures, le tour passera à Sandweiler dans les rues suivantes :

- rue de la Vallée
- rue de la Montagne
- rue Belle-Vue
- croisement avec la rue Principale
- rue Hiel
- rue d'Itzig
- croisement «Schaedhaff»

## „Squat" - Securiséiert Är Logementer

Mir appelléieren d'Propriétaire vun eidel stoend Logementer déi néideg Sécherheetsmoossnamen ze huele fir sech ze schützen an ze verhënneren, dass „Squatter" d'Raimlechkeete besetzen.

„Squatting" ass wann een duerch eng illegal Manéier an engem Gebai abrécht (z.B. wann dofir e Schlass oder eng Fënster futti gemaach gëtt...) oder duerch Täuschung, Bedrohung oder Gewalt et ouni d'Erlabnis vu sengem Besëtzer benotzt.

Fir weider Berodung zu dësem Thema oder bei Zweiwel un engem Verstouss invitéiere mir iech de Policekommissariat Syrdall um 244 78 1000 ze kontaktéieren.

## „Squat" - Sécurisez vos logements

Nous lançons un appel aux propriétaires de logements vides de prendre les mesures de sécurité nécessaires afin de se protéger et d'éviter que des squatteurs occupent les lieux.

„Squatter" est le fait d'entrer dans un lieu par effraction (après avoir forcé une serrure, cassé une fenêtre, ...) ou par tromperie, menace ou violence, pour l'occuper sans l'autorisation de son propriétaire.

Pour plus de conseils à ce sujet ou en cas de doute d'infraction, nous vous invitons à contacter le commissariat de police Syrdall au 244 78 1000.

## Opruf un d'Hondsbesëtzer

D'Hondsbesëtzer si gebieden d'Reglementer déi an der Gemeng gëlteg sinn ze respektéieren. Mir wëlle besonnesch un den Artikel 3 erënneren, dee festleet dass „all Hondsbesëtzer verflicht ass ze verhënneren, dass hiren Hond säi Geschäft op Trottoiren, Spillplazen an ëffentleche Gréngfläche verriicht." Dat betreffend Reglement kann op eisem Site consultéiert ginn https://tinyurl.com/2eyhf4km.

## Avis aux détenteurs de chiens

Les détenteurs de chiens sont tenus à respecter la réglementation en vigueur au sein de la commune. Nous tenons particulièrement à rappeler l'article 3 qui stipule que « tout détenteur de chien est tenu d'éviter les déjections canines sur les trottoirs, les terrains de jeux et les espaces verts publics. » Le règlement en question peut être consulté sur notre site https://tinyurl.com/2eyhf4km.